

Budgetsdébatten – Budget 2020

Pierre Gramegna, 18. Dezember 2019

" Liewensqualitéit am Alldag. Verantwortung fir d'Zukunft. "

Struktur vun der Ried:

I.	D'sozial Gerechtegkeet	3
II.	D'Neiegkeeten säit dem Dépot vum Budget	8
1.	International Développementer	8
a.	Brexit.....	8
b.	Handelsofkommes tëschent den USA a China	11
2.	Nei Prévisiounen STATEC	11
3.	En neien Emprunt mat negativen Zënse	13
4.	D'Klimagesetz an de Klimaplang	14
5.	Iwwerbléck iwwer d'Steierreform.....	17
III.	D'haapt Observatiounen vun den Instanzen	19
1.	D'Zesummenspill tëscht den Previsiounen an den Zuele am Budget.	19
2.	D'Investissementer	25
IV.	D'Haptaggregater	27
1.	Administration centrale	27
2.	Gemengen.....	29
3.	Sécurité sociale	29
4.	Administration publique	30
5.	Solde structurel.....	31
V.	Conclusioun.....	33

Här President,
Léif Regierungskollegen,
Dir Dammen an Hären,

Fir unzufänken wëll ech dem **Rapporter**, dem Yves Cruchten, **Merci soen**, fir säin ausféierlechen a gudden Rapport a seng pertinent Remarken.

Eng ganz **Partie Sujeten** goufen ugeschwat déi all Kéiers en Débat fir sech verlaangen.

An den Avisen goufen och **eng ganz Rei Sujeten** ervirgestrach, déi **iwwert de Budget** erausginn. Ech wäert haut awer just op déi agoen kënnen, déi am **Budget eng Roll** spillen.

Ech wëll och haut **déi Ried**, déi ech am **Oktober** gehal hunn, **net widderhuelen** a **konzentréieren mech an éischer Linn** op folgend Punkten :

1. Dem **Här Cruchten** säin **Rapport** an op **d'sozial Gerechtegkeet**.
2. **D'Neigkeeten** déi **zënter Oktober** – also nom Dépôt vum Budget 2020 – op ons zou komm sinn.
3. **D'Avisen vun den Instanzen** an hir **haapt Observatiounen**.
4. An zum Schluss wëll ech nach e **kuerzen Iwwerbléck** ginn iwwert **Haaptaggater** vum Budget 2020.

Ech kommen dann elo zum éischen Deel vu menger Ried: d'sozial Gerechtegkeet.

I. D'sozial Gerechtegkeet

Dem Här Cruchten seng Remarken iwwert **d'Aarmut an d'Inégalitèiten** si **richteg a pertinent**. Och wann Lëtzebuerg zu de **räichste Länner op der Welt** gehéiert, wësse mer dass et och hei **Leit ginn, déi a prekäre Situatiounen liewen**. Dat ass eng Situatioun, mat där kee vun eis sech kann zefridde ginn.

De Rapportier huet och d'**Logementsproblematik** ugeschwat. Et ass leider richteg, dass **déi Jonk a Leit mat nidderegem Akommes** ëmmer méi **Schwieregkeeten hunn eng Wunneng** zu Lëtzebuerg ze fannen.

D'Regierung **sëtzt all Hiewelen a Bewegung fir bezuelbaren Wunnraum** ze schafen. Am Kontext vun der **Steierreform**, wäert **d'Stärken vun der Logementsoffer** e grouse Rôle spillen, souwéi och eng **Radiographie vun all de Mesuren déi de Präis dreiwën**.

An dann huet den Här Cruchten och eng **Étude iwwert den Aarbechtsmarché** gemaach, wou en och nei **“hybrid” oder “atypesch” Formen vun Aarbechtzäiten** (*travail temporaire, du soir ou posté, contrats à “zéro heure” etc.*) **beschriwwen huet**. Och dat ass ee Sujet, dee verdéngt, dass en an dësem Haus nach méi am Detail ënnersicht gëtt.

Ech hunn **mat grousem Interessi d'Recommendatioune gelies**, déi d'Finanzkommissioun an de Rapportier gemaach hunn. **Mir wäerte déi ënnert d'Lupp huelen**.

Ganz besonnesch intressant schénkt mir och d'Propositioun en **“Observatoire des inégalités”** ze schafen. **Déi Idee** wäerten mir **ganz proaktiv verfollegen**.

Well et ass richtig, dass **d'sozial Gerechtegkeet nëmmen garantéiert bleift**, wann een sech **net op sengen Acquisen ausrout**, mä d'Legislatioun an och de Steiersystem ëmmer den aktuellen **Développemententer** vun der **Gesellschaft** an dem **sozialen Ëmfeld upasst**.

Am Oktober hat ech schonn hei an der Chamber gesot, dass **d'sozial Gerechtegkeet eng wichteg Prioritéit** fir d'Regierung ass.

Dës gesäit een och am **Budget 2020**.

De Budget ass **keen Ensemblen vun abstrakten Zuelen**. Et ass e Budget deen e **konkreten Afloss** op d'Liewen an d'Schicksaler vun de Leit hei am Land huet.

Ech liesen am **Avis vun der Chambre des Salariés** dass de Staat seng **Marge soll benotzen** fir méi an **d'Leit ze investéieren**, fir d'sozial Gerechtegkeet ze fërderen an d'Inegalitéiten ze bekämpfen.

Dat maache mir.

47%, also **bal d'Halschent** vum Budget 2020 sinn fir **Sozialleeschtingen, Transferte, Subsiden a Subventiounen !**

Dat ass ee kloert **Bekennniss zum Sozialstaat**.

Ech sinn am Oktober schonn op déi verschidde Budgetskreditter agaangen déi drop ausgeriicht sinn d'sozial Gerechtegkeet ze stäerken.

Loosst mech hei just e puer vun de **Schwéierpunkten nach emol erausstraichen :**

- Bei der **Zukunftskeess**, ass den Budget op **1,2 Milliarden Euro** erop gaangen. Dovunner sinn **910 Milliounen Euro** fir **d'Allocatiounen** virgesinn, déi de **Familien** zegutt kommen;
- Bei den **Chèques Services**, fanne mer e Budget vun **426 Milliounen Euro**, also 8% méi wéi d'lescht Joer (*kommerziell, konventionéiert a kommunal Strukturen zesummegezielt*);
- Fir d'**Studentenboursen**, sinn 2020 **126 Milliounen Euro** am Budget virgesinn, wat enger Progressioun vun ronn 10% entsprécht par Rapport zu 2019;
- Fir **d'konventionéiert Servicer** déi am **Handicap Secteur** aktiv sinn, ass e Budget vun **79,2 Milliounen Euro** virgesi.

Mam Budgetsgesetz gouf och **d'"Bonification d'impôt"** fir d'**Betriebe déi Chômeuren astellen**, fir **zwee Joer** **renouvelléiert**.

D'Weiderféieren vun dëser Measure, déi **d'Bekämpfung vum Chômage ganz konkret ugeet**, ass och vun der **Chambre de Commerce** **begréisst ginn**.

Wann ech mir also de Budget 2020 ukucken, zesummen mat deem wat dës an di virrecht Regierung schonn fir d'sozial Gerechtegkeet gelescht hunn, dann **gëtt et keen Grond sech ze verstoppen**.

Zu de Mesuren ënnert der **Regierung Bettel 1** zielen:

- **D'Aféierung vum REVIS**: do sinn iwweregens am Budget 2020 **184 Milliounen Euro** virgesinn,
- **20 Stonnen Gratis Kannerbetreierung mat Sprocheförderung**, dat sinn jo déi ugeschwaten Chèques services, wou 426 Milliounen Euro am Budget virgesi sinn,
- **Gratis Schoulbicher**: do sinn fir 2020 **13,5 Milliounen Euro** virgesinn,
- **D'Reform vum Congé parental**, wou **243 Milliounen Euro** fir 2020 festgehale goufen,
- **De Pappcongé**, deen op 10 Deeg eropgesat gouf: do sinn fir 2020 **7,5 Milliounen Euro** virgesinn,
- An dann gouf och nach **d'Subvention Loyer** geschaf, wou fir 2020 **10 Milliounen Euro** virgesi sinn an déi nächst Joren all **Kéiers 500 Dausend Euro** méi.

Ënnert der **Regierung Bettel 2**, déi säit Dezember 2018 am Amt ass, ass elo schonn eng **Reform vum Mindestloun** ëmgesat ginn.

Déi Leit déi e Mindestloun kréien, hunn elo réckwierkend op den 1. Januar 2019, **100 Euro netto méi am Mount an der Täsch**, also **1200 Euro am Joer** méi. De Staat dréit **2/3 vun dëser Erhéijung**, dat entsprécht ronn **60 Milliounen Euro** am Budget 2020.

Eng aner Mesure déi ville Famillen mat Kanner an der grousser Nofro fir Crèchen entgéint kënnt, ass och d’Aféieren vun de sou genannte **“Mini-Crèchen”** säit dem **1ten Januar 2019**. An esou enger “Mini-Crèche” kënne bis zu 11 Kanner (am Alter tëschent 0-12 Joer) ënnerbruecht ginn.

An dann huet d’Regierung och nach d’Initiative geholl **den öffentlichechen Transport** vum 1te Mäerz 2020 un **komplett gratis** ze maachen. De Käschtepunkt vun dëser Mesure beleeft sech bei ronn **30 Milliounen Euro** fir d’Joer 2020 an **40 Milliounen Euro all Joer duerno**.

Dat huelen ech awer gären als Finanzminister a Kaf, well dat **net nëmmen eng sozial** Mesure ass, mee och eng, déi fir eng **nohalteg Transport- a Klimapolitik** steet.

Munches gouf also scho gemaach fir d’sozial Gerechtegkeet ze fërderen an d’Regierung wäert sech och **weiderhin staark** an deem Domaine **engagéieren**.

Ech kommen dann elo op den zweeten Deel vu menger Ried, wou ech op d’Neiegkeeten ze schwëtze kommen déi zënter dem Dépôt vum Budget op ons zou komm sinn.

II. D'Neiegkeeten säit dem Dépot vum Budget

1. International Développement

Wa mer d'wirtschaftlech Wetterlag kucken, dann wëll ech op **zwee Evenementer** ze schwëtze kommen, déi viru Kuerzem agetraff sinn.

a. Brexit

Fir d'éischt sinn do **d'Walen am Vereenegten Kinnekräich**.

No zwee an en halleft Joer hin an hir, mat all den Onsécherheeten déi dat mat sech bruecht huet, **gëtt et elo Kloerheet**.

Dem Premier Boris Johnson seng Partei huet **d'absolut Majoritéit** bei de **Parlamentswalen** den lëschten Donneschdeg erreecht.

Keen zweifelt also méi dorunner dass den **Deal**, deen **mat der EU fir e geregelten Austrëtt** fonnt ginn ass, **elo zügeg** - also virun Chrëschttag - **duerch d'britescht Parlament** wäert goen.

Spéitstens den **31. Januar 2020** trëtt **d'Vereenegt Kinnekräich also aus der EU aus**, an dat, an de **Konditiounen déi mir kennen**.

Dës ass **eng gutt Noriicht**, déi **Kloerheet** fir **d'Leit an d'Betriber** schaaft, **an domatter erëm Vertrauen hirstellt**.

Den **“Accord de sortie”**, vun dem mer ausginn dass e bis spéitstens den 31. Januar 2020 wäert ratifizéiert ginn, wäert **dofir suergen datt sech bis Enn 2020 wéineg fir d'Bierger a fir d'Betriber ännere wäert**.

Vum 31. Januar 2020 un, leeft dann bis den 31. Dezember 2020 eng **Transitiounsperiod**, wou:

- **D'EU-Recht sech weider op d'Vereenegt Kinnekräich applizéiert;**
- D'Vereenegt Kinnekräich weiderhin wäert um **EU-Bannemaart an un der EU-Zollunioun Deel huelen:** dat heescht och, dass d'Rechter vun den EU Bierger an Vereenegte Kinnekräich net änneren;
- D'Vereenegt Kinnekräich seng **finanziell Obligatioune** vis-à-vis vun der EU weider respektéiert.

Bis den 31. Dezember 2020 müssen déi **zukünfteg Relatiounen tëscht der EU an dem Vereenegten Kinnekräich gekläert** sinn, well den Premier Boris Johnson schonn **ugekënnegt** huet, dass en **keng zousätzlech Verlängerung** wëll.

De Sënn vun der Transitiounsphas bis Enn 2020 ass fir en **doucen Iwwergang zu enger neier Relatioun** ze erméiglechen. Ännerungen wäerte virun allem am **institutionellen Beräich** stattfannen. D'Vereenegt Kinnekräich wäert zum Beispill **kee Recht méi hunn op ee Commissaire**, et wäert **keng briteschen EU-Parlamentarier méi ginn**, **keng Riichter an um EU Geriichtshaff**, an och **keng britesch Stemm méi** am Rot.

Wat d'zukünfteg Relatiounen ubelaangt, ass et den ausdréckleche Wonsch vun der britescher Regierung sech ob ee **Fräihandelsafkommes ze konzentréieren**. D'EU27 an d'Kommissioun sinn sech komplett eens, dass mer ee **fairt Ofkommes** brauchen, dat der **Gréisst an der Proximitéit** vum britesche Marché Rechnung dréit.

Fir e fairt Fräihandelsofkommes ze erméiglechen, ass et onëmginglech déi **selwecht Wettbewerbskonditiounen** téschent dem Vereenegte Kinnekräich an der EU ze garantéieren, also ee sougenannten **level playing field**.

Et ass am Interessi vun den EU27 dass d'Vereenegt Kinnekräich och nom EU-Austrëtt déi héich EU-Standarden ënner anerem an de Beräicher **Ëmwelt, Sozialnormen, Konsumenteschutz, Staatsbäihellefen, a Besteuerung** weiderhi respektéiert.

Grat fir eise Finanzsecteur ass et wichteg, **dass d'Finanzplaz London** och weider déi **selwecht** oder **equivalent Regeln respektéiere** wäert, wéi bei eise Firmaen an der EU.

Dës erlaabt ons an Zukunft **weider gutt zesummen ze schaffen**, an et garantéiert, dass London vis à vis vu Lëtzebuerg oder Frankfurt zum Beispill, och keen **onfairen Advantage** kritt.

Eng Konkurrenz téscht Standarden kann a wäert **sécherlech net am Interessi vun den EU Bierger an Entreprisë** sinn.

Lëtzebuerg wäert sech op EU-Niveau dofir asetzen, fir en **ambitiéisen a fairen Accord auszehandelen**. Mier hu **Vertrauen datt déi nei Équipe an der Kommissioun**, mat der Madamm von der Leyen, an och nach mat dem Här Barnier als Chef vun der UK Task Force, den Intérêten a Prioritéite vun de Memberstaten Rechnung droe wäerten, an dëst mat engem kloeren Zäitplang.

b. Handelsofkommes téschent den USA a China

An dann wëll ech och op den Handelskonflikt téschent den USA a China ze schwëtze kommen. Och an dësem Dossier gouf et rezent Fortschrëtter, déi fir **neit Vertraue** suergen.

Weider kommerziell Sanctiounen géint China, déi nach leschte Weekend hätte sollten a Kraaft trieden, sinn elo **mol op Äis geluecht**. Et gouf och téschent den zwee Staten ausgemaach, dass **verschidde Tariffer** wäerten **Deels zeréckgeholl ginn**.

Déi **“Deels-Eenegung”**, déi also téscht den **USA a China** fonnt ginn ass, gouf ganz positiv vun den Marchéen opgeholl.

Dës ass eng **gutt Noriicht**. Ee méi déiwen Handelskonflikt téscht dësen zwee Länner wär nämlech och **net ouni negativ Follege fir Europa** bliwwen.

Verschidden däischer Wolleken, op déi ech nach am Oktober higewisen hunn, **kläre sech elo op**.

2. Nei Prévisiounen STATEC

Dëst bréngt mech och op déi neiste **“Mise à Jour” vun de Prévisiounen vum STATEC** fir d’Joren 2019 an 2020, déi elo **Ufanks Dezember** an der leschter "Note de Conjoncture" verëffentlech gi sinn.

Baséierend op der Situatioun déi sech nach **virun Dezember** a Punkto Handelskonflikt a Brexit presentéiert huet, goufen **verschidden Indicateuren** – ënner anerem d’Croissance vum PIB – **no ënnen adaptéiert**.

Déi gutt Noriicht ass awer, dass de Budget 2020 op provisoreschen Zuele baséiert, déi de STATEC ons am Oktober zur Verfügung gestallt hat, an déi deene vum Dezember ganz no kommen.

Ech soen dofir dem **STATEC Merci** fir seng **präzis a proaktiv Approche.**

Et gesäit elo sou aus, wéi wann **2019 besser ausfale géif, wéi am Budget virgesinn.** D’Croissance vum PIB gouf nämlech ëm **0,4 Prozentpunkten no uewen** adaptéiert. **Anstatt bei 2,4%** läit d’Prévisioun elo **bei 2,8%.**

Fir **2020** bleift d’Croissance **bei 2,4%,** also **esou wéi et am Budget 2020 och virgesi** wor.

Qualitativ bleiwen déi aner Indicateuren – wéi zum Beispill de Chômage an d’Inflatioun – an de **selwechten Paragen.**

D’Zuelen an der neier Note de conjuncture sinn also **keng Iwwerraschung fir ons** a bestätegen de **Realismus vum Budget.** Dat wat ech also schonn an menger Ried den 14ten Oktober an deem Kontext gesot hunn, bleift och **haut valabel.**

Dozou kommen nach **déi gutt Nouvelen am internationalen Ëmfeld** dobäi, op déi ech virdrun agaangen sinn, an déi op eng **besser Konjunktur hiweisen.**

Et kann een also **mat Zouversiicht dovunner ausgoen** dass - contrairement zu deem wat d’Oppositioun ons nach fir de Budget 2019 virgehäit huet - **d’Previsiounen am Budget 2020** net ze optimisteschesch ugesat sinn.

D'Europäesch Commissioun gesäit dat och esou. An hirem Avis zu onsem **“Projet de Plan Budgétaire”** seet si dat hei:

“Overall, the macroeconomic scenario underlying the Draft Budgetary Plan is plausible for 2019 and 2020.”

Dont acte.

3. En neien Emprunt mat negativen Zënzen

Eng drëtt Neiegkeet säit dem Dépôt vum Budget am Oktober, ass den **neien Emprunt** deen de Staat **Ufanks November** opgeholl huet.

Ech hat an der Budgetsried gesot, dass ech d'Trésorerie gefrot hunn fir no **Weeër ze sichen**, wéi de Staat vun der **aktueller favorabler Zënslag** op de Marchéen kéint **profitéieren**.

Ufanks November huet d'Trésorerie op där Basis een Emprunt vun **1,7 Milliarden Euro** opgeholl, an dat, mat engem **negativen Zënssaz vun -0,25% op 7 Joer**.

Wëll déi Zensen am Virfeld bezuelt goufen, huet dës Transaktioun dem Staat ënnert dem Stréch ronn **25 Milliounen Euro als extra Recette** erabruecht.

Et ass déi **éischte Kéier an onser Geschicht**, dass Lëtzebuerg en Emprunt mat engem **negativen Zënssaz** ophëlt. Mech freet et och ze gesinn, dass **d'Marchéen positiv reagiert hunn** an seguer **4 mol méi ugebueden hunn**, wéi de Montant, **dee mir gefrot hunn**.

De Succès vun der Transaktioun **beweist och, dass den AAA sech bezuelt mécht**, an dass d'Investisseuren **Vertrauen** an eist Land hunn.

Déi 1,7 Milliarden, déi elo opgeholl goufen, si keng nei zousätzlech Schold, mä ginn au Contraire benotzt, fir **am Mee 2020**, eng **Schold vun 2 Milliarden Euro** ze refinanzéieren.

Ech wëll och drun erënneren, dass de Staat schonn am Oktober de **Sukuk vun 200 Milliounen rembourséiert hat**.

Dës dräi Transaktiounen zesummen (Remboursement vum Sukukbond fir 200 Milliounen, neien Emprunt vun 2 Milliarden an Remboursement vun 1,7 Milliarden am Mee 2020) wäerten also dozou féieren, dass mir **am Mee 2020** d'Staatschold par rapport zum Joer firdrun - an absoluten Zuelen - **ëm netto 500 Milliounen Euro wäerte reduzéiert hunn**.

4. D'Klimagesetz an de Klimaplang

Eng aner Neiegkeet déi zënter dem Dépôt vum Budget op ons zou komm ass, ass **d'Klimagesetz** dat d'Regierung Enn November ugeholl huet an dat de **Kader fir d'Klimapolitik festhält**.

D'politesch Orientatiounen fir den Klimaplang selwer, goufen Ugangs Dezember ugeholl.

D'Klimagesetz **setzt d'Ambitiounen gesetzlech fest**, déi sech Lëtzebuerg a punkto Klima virgeholl huet. Dozou zielt ons ganz ambitiéist **Zil fir d'Zäeregasemissiounen bis 2030 ëm 55% par rapport zum Stand vun 2005** erfzesetzen.

Als Verglach: **D'EU-Kommissioun** huet sech viru Kuerzem, an hirem "**Green Deal**", fir eng Reduktioun vu **mindestens 50%** ausgeschwat. **Lëtzebuerg geet also méi wäit** an sëtzt domat en Zeechen dass mir als Land et eescht mengen, an eis Verantwortung huelen.

Fir deem Zil och nozekommen, ginn am **Budgetsgesetz** déi **maximal Seuilen vun den Accisen** op den Benzin an dem Diesel **no uewen adaptéiert**. Dat gëtt eis de **Kader an déi néideg Flexibilitéit**, fir **d'Accisen no uewen ze adaptéieren, esou wéi ech dat de Méindeg zesumme mat de Ministeren Turmes a Kersch annoncéiert hunn.**

Och wann **d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Salariés** dës **Moosnam net begréissen**, esou ass dat awer e Schrëtt deen **nëmmen kohärent** ass par rapport zu **onser nohalteger Strategie fir d'CO2 Emissiounen erof ze kréien**.

Dëst ass och eng wichteg Measure déi garantéiert, dass Lëtzebuerg seng Engagementer déi et am **Kader vun den Accorden vu Paräis** iwwert de **Klimawandel geholl huet, wäert anhalen**.

Dass Lëtzebuerg seng international Obligatiounen an deem Kontext respektéiert, ass och e **wichtegt Argument** fir **méi grouss Länner mat op de Wee vum Klimaschutz ze kréien**.

Wat de **Klimaplang selwer** betrëfft, wëll ech elo hei net op den Detail agoen, mee nach emol zwee **Grondprinzipien** ënnersträichen, op déi sech déi Ambitiounen stäipen :

- Et ass éischtens emol, **d'sozial Kohäsioun**.
- An zweetens **d'Anhalen vun der Budgetstrajectoire an de Regeln vum Stabilitéitspakt**.

De **CNFP, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers**, hunn an hiren Avisen opgeworf dass **d'Dépensen** vum Budget pluriannuel d'Mesuren vum **Klimaplang net an den Zuelen** berücksichtegen.

Dozou wëll ech folgend Präzisiounen ginn:

Déi **Mesuren** déi am Klimaplang drastinn an déi **schonn eng legal Basis hunn** (also an engem Gesetz oder engem Reglement grand-ducal festgehalten goufen) **sinn am Budgetsprojert natierlech integréiert.**

Zu deenen Initiativen zielen zum Beispill **PRIME House, de Klimapakt mat den Gemengen, d'Stratégie Modu 2.0. fir nohalteg Mobilitéit** an nach vill aner Mesuren.

Nei Mesuren vum Klimaplang **kënne nach net am Budget** fir d'Joer 2020 **drastoen.** Dat ass jo evident. **D'politesch Orientatiounen** vum Klimaplang **sinn eréischt den 6. Dezember** vun der Regierung ugeholl ginn. Dat war **also nom Dépôt vum Budgetsprojert.**

Et ass also kloer dass:

- Éischtens, de **Budget nëmmen déi Mesure reflektéiere kann, déi schonn ausgeschafft sinn;**
- Zweetens **déi verschidde nei Mesuren** nëmmen "au fur et à mesure" kënnen ausgeschafft an ëmgesat ginn fir d'Zil vun 2030 ze erreechen;
- An Drëttens, all nei Mesure d'**Budgetstrajoire an d'Anhalen vun de Regeln vum Stabilitéits- a Wuesstumspakt net a Fro** stellen däerf.

Mam neie Klimagesetz ass och **e grouse Schrëtt a Richtung „Budgétisation par objectifs“** gemaach ginn, déi **d'Chambre de Commerce** an hirem Avis ugeschwat huet.

An deem Gesetz ass nämlech eng **Evaluatioun vun de Mesure** festgehale ginn, déi ons erméiglecht **sécherzestellen, dass all Mesuren** och zum **Objektiv vun 55% manner CO2 bäidrëit**.

Konkret heescht dat, dass e **“Comité climat“** wäert **préiwen op d’Mesuren gräifen** an op een op der **richteger Trajectoire** ass.

Dëst sinn also **éischt a wichteg Schrëtt** fir op e **Mentalitéitswiessel an der Budgetplanung** ze kommen, dee **Wäert op d’Resultat an d’Effizienz** leet.

5. Iwwerbléck iwwer d’Steierreform

Elo wou ech de Klimaplang ugeschwat hunn, bréngt dat mech op **d’Steierreform** ze schwätzen, déi och a villen Avisen erwänt ginn ass.

Am **Avis vum CNFP** hunn ech ënner anerem kënne liesen, dass **d’Zuelen mat Virsicht ze genéissen** sinn, well déi jo nach **net den Impakt vun der Steierreform beinhalten**.

D’Steierreform ass **am Gaangen ausgeschafft** ze ginn. **Si kann dofir hiren Nidderschlag nach net am Budget 2020** hunn.

De Budget baséiert sech **op konkret Mesuren** deenen **hiren Impakt chiffriert** ginn ass. E **baséiert sech also net op Spekulationen**.

Ech kann iech haut soen dass déi nei Steierreform **3 Voleten** wäert hunn:

- d’Individualiséierung, d’Digitalisatioun an d’Simplificatioun.
- de Logement;
- den Klimaschutz an den Environnement am Allgemengen.

Se huet also eng **zolitt sozial an nohalteg Komponent**.

Dat war **schonn an der virescht Steierreform** de Fall, déi jo **all Joer eng Entlaaschtung vu ronn 300 Milliounen Euro** fir d'**Stéit** duerstellt.

Ech rappeléieren och gären, dass **eng Steierreform** net eppes ass, wat een **iwwert de Knéi brieche** kann.

Déi lescht Steierreform ass **2017 a Kraaft getrueden**, wat also nach keng 2 Joer hir ass. Virdrun hat et ganzer **15 Joer gedauert hat**, bis erëm eng **Steierreform an Ugrëff geholl gi war**. Well virun där vun 2017, war déi virescht Steierreform **2001 an 2002**, deemols ënnert enger **CSV-DP Regierung**, gemaach ginn.

Et soll een also verstänneg sinn. Et kënnt eng Steierreform an si kënnt an dëser Legislatur. Mir wäerten déi Kéier keng 15 Joer brauchen, mä d'Regierung wäert sech och net dreiwe loossen.

Ech kommen dann elo op den drëtten Deel vun menger Ried, wou ech op d'haapt Observatiounen vun de verschidden Instanzen wäert agoen.

III. D'haapt Observatiounen vun den Instanzen

Wat d'Avisen zum Budget 2020 ugeet, wëll ech an dësem Deel op **zwou haapt Observatiounen** agoen:

- **d'Fro vum Zesummenpill tëscht den Previsiounen an den Zuelen am Budget, an**
- **de Niveau vun den Investissementer.**

Ech fänken dann elo mam éischte Punkt un.

1. D'Zesummenpill tëscht den Previsiounen an den Zuelen am Budget.

D'Chambre des Salariés ass der Meenung, dass **d'Recetten vun der Betriebsbesteuerung ze déif** ugesat goufen.

Gläichzäiteg mengt **d'Chambre des Métiers** awer och dass **d'Recetten um Niveau vun der Akommessteuer op physesch Persounen ze optimistesesch** ugesat goufen.

Am Avis vum **CNFP** liesen ech dann och dass **d'Previsiounen mat Virsicht ze betruechte** sinn, well jo **verschidde Mesuren a Reformen** (d'Steierreform an de Klimaplang) sech **net an den Zuelen erëmspielen.**

Verlach: Compten an déi gestëmmte Budgeten

Wat d'Prévisiounen fir d'Budgetszuelen ugeet, sou huet d'Regierung ëmmer eng **virsiichteg Approche** bei de Recetten gehat an wor ëmmer ganz **präzis bei den Dépensen**.

Dat huet dozou gefouert dass **d'Compten** di lescht Joeren **ëmmer nees besser ausgefall sinn wéi de gestëmmte Budget**.

Pour Rappel:

2016

- De **Budget 2016** ass vun engem **Defizit vun 438 Milliounen Euro** ausgaangen.
- **D'Compten** hunn "hors opérations exceptionnelles" en **Defizit vun 257 Milliounen Euro** ugewisen, also **181 Milliounen Euro** manner wéi de votéierte Budget.

(Ouni zum Beispill exzeptionell Dépensen wéi d'Zeréckbezuelen vun Emprunten fir 400 Milliounen, exzeptionell Dotatiounen fir Fonds spéciaux'en fir 350 Milliounen an eng Kapitalerhéijung beim FMI vun 285 Milliounen).

2017

- Am **Budget 2017** wor en **Defizit vun 851 Milliounen Euro** virgesinn.
- **D'Compten** hunn duerno en **Defizit vun 293 Milliounen Euro** ugewisen, also **558 Milliounen Euro** manner wéi de Budget.

(Ouni zum Beispill exzeptionell Recetten wéi den Emprunt vun 1,6 Milliarden Euro an de Prêt vun der BEI fir 150 Milliounen Euro, an ouni d'exzeptionell Dépensen wéi de Remboursement vun engem Emprunt vun 132 Milliounen Euro).

2018

- De **Budget 2018** ass vun engem **Defizit vun 967 Milliounen Euro** ausgaangen, an d'**Compten** – wou d'Gesetz jo muer wäert gestëmmt ginn – gesinn en **Defizit “hors opérations exceptionnelles”** vun nëmmen **25 Milliounen Euro** vir, also eng Verbesserung vun **942 Milliounen Euro**. Dëst huet d'Cour des comptes an hirem Rapport och bestätegt.

(Ouni zum Beispill exzeptionell Recetten wéi den Emprunten am Wäert vun 650 Milliounen Euro an de Remboursement vun Prêten fir 1,05 Milliarden Euro).

Fir **2019**, kann een haut scho soen dass **d'Compten eng besser Situatioun wäerten uweisen** wéi de Budget dat virgesinn hat.

De **Point commun** vun all deene Joren ass dat de Budget, wat d'**Dépenses** ubelaangt, **komplett exekutéiert ginn ass** an en parallel d'**Recetten** ëmmer **méi héich ausgefall** sinn wéi d'Prévisiounen. Mir hunn also eng **prudent an prévisibel Budgetspolitik**.

A fir **2020** sinn ech **zouversichtlech**, dass et net anescht wäert sinn, well d'Regierung och an deem Budget eng **virsiichteg Approche** gehalen huet.

Virsiichteg Previsiounen fir den IRC

Dat gesäit een notamment um Niveau vun der **Kierperschaftssteier**, wou ech schon am Oktober annoncéiert hat dass am **Budget 2020** e Montant vun **2,25 Milliarden Euro** festgehale gouf.

Dëst, obwuel d'Prévisiounen fir **2019** scho kloer undeiten dass den IRC bei **2,6 Milliarden Euro** wäert leien, also **eng hallef Milliard méi wéi am Budget 2019** virgesinn.

Fir 2020, geet d'Regierung vun enger méi **moderater Tendenz** bei der **Kierperschaftsteuer** aus. Grad an **Zäite vun ATAD, BEPS** an den allgemengen **Entwécklungen vun der Fiskalitéit** um internationale Plang, ass déi **virsiichteg Approche och déi eenzeg richteg Approche**.

Zousätzlech kënn dobäi, dass mer 2018, fir d'Revenuen vum Steierjoer 2017 un, **d'Déclaration électronique** agefouert hunn. Domat kommen **d'Recetten haut vill méi zäit-no eran**, wéi d'Joren virdrun. Dat huet reng mechanesch och dëst Joer nach zu enger **Erhéijung vun de Recette gefouert**.

Di selwecht Tendenzen observéieren mir iwweregens och bei der **Gewerbesteier (ICC)** an der **Verméigenssteuer (IF)**.

Mee dësen Effekt misst sech awer iwwert déi nächst Joren erëm apendelen.

Aus deene Grënn, gi mer also dovunner aus, **dass et 2020** - par rapport zu de ganz gudden Joeren 2018 an 2019 - **keng weider Progressioun** beim IRC méi wäert ginn, an **d'Recetten esouguer wäerten ënnert deene vun dësem Joer leien**.

Selwecht Previsiounen fir de Rescht vun de Recetten

Wat elo **d'Prévisiounen vun der Akommessteier op physesch Persounen** ugeet, wëll ech Folgendes soen:

Mir hunn do, esou **wéi beim gréissten Deel vun de Recetten**, genee **déi selwecht Previsiounen geholl wéi déi, déi am Budget 2019 stoungen**. Dat sinn also déi Prévisiounen, déi **d'Chamber virun engem knappem halwen Joer gestëmmt huet**.

De Budget 2020 bleift deemno **kohärent** mat deem wat am Budget 2019 virgesi gouf.

A well **d'Steierreform nach net steet**, ass et och evident dass **et keng Berechnungen** vun engem **eventuelle Déchet fiscal** bei der **Akommessteier fir physesch Persounen** gëtt. Aus deem Grond kann d'Steierreform och **nach net an deene Recette reflektéiert** ginn.

Fonds de rééquilibrage budgétaire

Als leschten Punkt zum **Thema "Virsiicht"** wollt ech nach eng Kéier op de neien **"Fonds de rééquilibrage budgétaire"** zeréckkommen, deem ech och am Oktober annoncéiert hat.

D'Regierung ass sech bewusst dass **d'Perspektiven zwar gutt sinn**, mee dass dat **net ëmmer eng Selbstverständlechkeet** ass.

Den **"Fonds de Crise"** wäert also mam Budget 2020 an ee **"Fonds de rééquilibrage budgétaire"** ëmgewandelt ginn.

Dat ass en Instrument dat d'Regierung sech ginn huet fir an deene Joren, wou et am **Budget een Iwwerschoss** gëtt, **Suen op dëse Fong ze transferéieren**, fir se dann an deene Joren, **wou et Defizit gëtt**, ze huelen, fir de **Budget rëm ze équilibréieren**.

Op deen Fong kann een – anescht wéi beim Fonds souverain – **méi flexibel zrëckgräifen**, esou wéi et eben grad néideg ass.

Dëse Fong **kompletéiert also déi virsiichteg Approche** déi d'Regierung zënter 2013 gehalen huet, an beweist dass si och weiderhin **Verantwortung fir d'Zukunft** hält.

Ech kommen dann elo zu der zweeter haapt Observatioun déi sech aus den Avisen erauskristalliséiert huet: den Niveau vun den Investissementer.

2. D'Investissementer

	2018	2019	2020	2021	2022	2023	Variation moyenne 2018- 2023
Investissements directs (formation de capital) ..	1.393,0	1.563,1	1.800,7	1.765,5	1.866,6	1.944,4	
Investissements indirects (transferts en capital)	780,1	956,7	1.015,1	1.066,1	1.080,5	1.113,5	
Investissements directs et indirects							
en millions	2.173,1	2.519,9	2.815,8	2.831,7	2.947,1	3.057,9	
variation	+5,0%	+16,0%	+11,7%	+0,6%	+4,1%	+3,8%	6,5%
en % du PIB	3,6	4,0	4,3	4,1	4,1	4,0	4,0
en % des dépenses totales	11,9	12,8	13,5	13,0	13,0	13,0	

Note : les chiffres de ce tableau sont exprimés en millions d'euros.

Ech sinn erstaunt am Avis vum CNFP an vun der Chambre de Commerce ze liesen, dass **de Niveau vun den Investissementer** zu Lëtzebuerg **“net aussergewöhnlech”** ass.

2020 leien ons **ëffentlech Investissementer** bei **4,3% vum PIB**.

Dat ass **wäit iwwert dem Duerchschnëtt** vun der Eurozon deen 2020 bei **2,8% läit**. Mir leien op der **3ter Plaz** ënnert den Euro-Länner.

Besonnenesch par rapport zu onsen **Nopeschlänner** steet Lëtzebuerg **excellent** do: fir 2020 maachen d'Investissementer an der **Belge 2,7%** vum PIB aus, **an Däitschland** leien se nëmmen bei **2,6%** an am **Frankräich** bei **3,5%**.

Lëtzebuerg brauch sech also **mat 4,3% net ze verstoppen**. Au contraire!

Tëscht **2018 an 2023** wäerten d'Investissementer **am Schnëtt 4% vum PIB** ausmaachen an an **absoluten Zuelen am Schnëtt +6,5%** wuessen.

Fir 2020 wäerten ronn **14% vun den Dépensen** vun der **Administration centrale** an **d'Investissementen fléissen**. Dëst entsprécht **2,8 Milliarden Euro**. Bis 2023 wäerten d'Investissementen **d'Lat vun 3 Milliarden Euro erreechen**.

Déi meescht lafen **iwwert d'Fonds spéciaux'en** wéi:

- den "Fonds des routes",
- den "Fonds du rail",
- den "Fonds d'investissements administratifs et scolaires"
- oder och den "Fonds pour la protection de l'environnement".

Dozou gehéieren ganz **konkret Investissementen an:**

- **D'Infrastrukturen am Zuchverkéier** (an dem Ausbau vum Tram).
- Dann och an ons **Schoulen** an Infrastrukturen fir den **Accueil vu Jonker a Réfugiéen**.
- **Spideeler a Sportinfrastrukturen**.
- **Sanéierungsprojeten** (wéi den Stau zu Rouspert an Esch/ Sauer)
- An och Investissementen an d'**Recherche an d'Digitaliséierung**.

Ee besonneschen Accent läit och op den Investissementen am Intérêt vum **Emwält- a Klimaschutz**. **2020** sinn **18%** vun de gesamt öffentlechen Investissementen, also iwwert **500 Milliounen Euro**, fir gréng Investissementen virgesinn. Dee Montant wäert och **kontinuéierlech eropgoen** an **2023** bei **660 Milliounen Euro** leien.

Wann ech mir also de Niveau vun den Investissementen an och de Komparativ zu onseren Nopeschlänner ukucken, dann si mir éischer **"aussergewéinlech" verwinnt**.

Ech kommen dann elo op de leschten Deel vu menger Ried, wou ech nach en Iwwerbléck vun den Haptaggater wäert presentéieren an och op dat zeréckkommen wat d'Europäesch Commissioun zu onsem Budget 2020 ze soen huet.

IV. D'Haptaggater

En % du PIB	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	2023
Administrations publiques	1.3%	1.4%	1.8%	1.4%	2.7%	2.0%	1.2%	1.4%	1.8%	2.0%
Administration centrale	-0.3%	-0.4%	-0.2%	-0.5%	0.4%	-0.1%	-1.0%	-0.6%	-0.1%	0.2%
Administrations locales	0.3%	0.4%	0.2%	0.1%	0.4%	0.5%	0.5%	0.5%	0.5%	0.4%
Sécurité sociale	1.4%	1.5%	1.8%	1.7%	1.8%	1.7%	1.6%	1.5%	1.5%	1.3%

En millions d'euros	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	2023
Administrations publiques	656	728	983	768	1 601	1 264	757	942	1 297	1 508
Administration centrale	-163	-232	-110	-298	263	-83	-640	-401	-108	158
Administrations locales	138	196	132	76	248	286	341	318	330	335
Sécurité sociale	682	764	961	990	1 090	1 062	1 056	1 024	1 076	1 015

1. Administration centrale

Ech fänken mat der **Situatioun vun der Administration centrale** un.

De Budget 2020 weist fir d'Administration centrale, **Dépenses vun 20,9 Milliarden Euro** an **Recettes vun 20,3 Milliarden** un. Den Solde wäert also 2020 bei engem **Defizit vun -640 Milliounen Euro** leien.

Während menger **Ried am Oktober** sinn ech schonn op den **Grondagaang**, wisou mir fir **2020 eng Verschlechterung vum Solde** vun der Administration centrale gesinn.

Ech rappeléieren awer och hei nach eng Kéier **déi dräi Aspekter** déi den Defizit ausmaachen:

- 1- 2020 ass e speziell Joer, well do de **Militärflieger A400M fir 200 Milliounen Euro** comptabiliséiert gëtt. Och wann dëst no den europäesche Normen als Investissement ugewisen gëtt, ass et en fait eng **reng comptabel Operatioun**. **D'Käschten** fir den Militärflieger sinn nämlech **zënter 2005 regelméisseg ofbezuelte** ginn. **Ouni dee Militärflieger**, leien d'Investissementer fir 2020 bei **2,6 Milliarden Euro**, also 200 Milliounen Euro manner. Den **reellen Defizit** wier dann och bei **-440 anstatt -640 Milliounen Euro**.
- 2- Den zweeten Punkt deen den Defizit vun der Administration centrale ausmaachen sinn **d'héich öffentlech Investissementer**, déi 2020 ronn **14% vun de gesamt Käschten** ausmaachen.
- 3- An dozou kënnt och nach **d'virsiichteg Approche bei de Previsiounen fir d'Recetten**, notamment um **Niveau vun der Kierperschaftssteuer**.

D'Dépenses wäerten **2020 ëm 6,5%** par rapport zu 2019 klammen an **d'Recetten nëmmen ëm 3,7%**. **Dësen negativen Schéiereffekt** wäert sech awer an den nächsten Joren erëm **zum Positiven dréinen**, well fir d'Joren 2021 bis 2023 wäert **d'Progressioun vun den Recetten** en Moyenne bei **5,4% leien**, an **d'Dépenses ëm 4,1%** klammen.

Gläichzäiteg erwaarden mir ons dass **d'Situatioun vun der Administration centrale** sech **kontinuéierlech verbessere wäert** an **2023 esouguer e positive Solde** vun **158 Milliounen Euro** uweise wäert.

Ech erënneren mech wéi d'**Chambre de commerce an och d'CSV de Budget 2018** deemools ënnert dem Virwand **kritiséiert** hun, dass déi "**eenzeg Kontinuitéit**" am Budget den **Defizit vun der Administration centrale** wier.

D'Zifferen déi ech grat gebraucht hunn, **widderleeën är Aussoen**.

Ech kommen elo zu den Gemengen an der Sécurité Sociale.

2. Gemengen

Bei de Gemengen gëtt **2020** mat engem **positive Solde** vun **286 Milliounen Euro** gerechent. Fir d'nächst Joren wäert en dann liicht klammen fir dann 2023 **335 Milliounen Euro** ze erreechen, also **0,4% vum PIB**.

3. Sécurité sociale

De **Solde vun der Sécurité sociale** wäert 2020 bei engem Iwwerschoss vun **1,056 Milliarden Euro** leien. Dëst ass virun allem op déi **weider dynamesch Evolutioun um Arbechtsmart** zeréckzeféieren.

D'Situatioun wäert sech dann iwwert d'Period 2021-2023 op engem **Niveau ronderëm 1,04 Milliarden Euro** stabiliséieren. Dëst entsprécht **1,4% vun onsem PIB**, wat e ganz gutt Resultat ass.

Déi gutt Situatioun vun der Sécurité Sociale spigelt sech och an de **Reserven vum Pensiounssystem**, de sougenannten Fonds de compensation, erëm. Déi leien den Ament bei **19 Milliarden Euro**, wat ronn **4,5 mol den Niveau vun de Prestatiounen** déi am Joer ausbezuelt ginn, oder méi wéi **30% vum PIB** entsprécht.

Aner Länner kéinten vun esou enger Situatioun nëmmen dreemen. A **Frankräich oder an Däitschland**, läit déi Reserve just bei e **puer Méint oder 1 bis 3% vum PIB**. Lëtzebuerg steet also, par rapport zu senge Noopeschlänner bei Wäitem besser do.

Ech kommen dann lo zu der gesamt Situatioun vun der Administration publique.

4. Administration publique

Wann een elo d'Administration centrale, d'Gemengen an d'Sécurité Sociale zesammenhëlt, dann kënnt een op den Solde vun der Administration publique. Deen läit fir d'Joer **2020 bei +757 Milliounen Euro also 1,2% vum PIB**.

Nëmmen als Illustratioun, fir déi di mengen dass onse **Budget zevill optimistes**ch opgestallt ass :

→ **D'Europäesch Kommissioun** huet an **hiren Previsiounen** en **Iwwerschoss vun 1,4% vum PIB**, respektiv **930 Milliounen Euro**, virgesinn fir 2020.

Firwat? D'Kommissioun seet an hirem Avis zu onsem Budgetsplan :

“In 2020, higher revenue elasticity in the Commission forecast explains the difference”.

Wat op Lëtzebuergesch heescht, dass si **justement méi héich Recetten virgesäit wi mir!** Wat also nach emol ënnersträicht, wéi virsiichteg mir sinn.

Di Joeren drop, wäert sech de Solde vun der Administration publique **weider verbessern an 2023** bei engem Montant vun **+1,5 Milliarden Euro** oder **2% vum PIB** leien.

Wéi ech et schonn am Oktober erkläert hunn, ass den **gréissten Undeel** vun deem Iwwerschoss – **an absoluten Zuelen** – der **Sécurité Sociale** **zouzeschreiw**en.

Mee, well mir an der **Sécurité Sociale** awer **mat enger relativ stabiler Situatioun** an den nächsten Joren rechnen, **ass d'Progressioun an der Administration publique** fir d'Period 2020-2023, haaptsächlech d'**Resultat vun de Verbesserungen um Niveau vun der Administration centrale**.

Dëst huet den **CNFP och an sengem Avis** ënnerstrach.

5. Solde structurel

Zum Schluss wëll ech nach op de **Solde structurel** an de **Neien a méi restriktiven Objectif à Moyen terme (OMT)** vun **+0,5%** ze schwätze kommen.

D'Erhéijung vun engem Prozentpunkt (also vun -0,5% op +0,5%) fir d'Period 2020-2022, berout op de **Berechnungen vun der Europäescher Kommissioun** an huet haaptsächlech mat de **méi laangfristegen Erausforderungen** ze dinn.

Domadder sinn, ënnert anerem, de Vieillissement vun der Populatioun an déi zousätzlech Käschten déi doduerger ufalen, gemengt.

Lëtzebuerg **wäert och dee méi restriktiven OMT anhalen**, an den **CNFP esou wéi d'Zentralbank an d'Europäesch Kommissioun** hunn dat och an hiren Avisen **explizit begréisst**.

Laut onsen Estimatiounen, wäert de Solde structurel **2020** bei **+0,9% vum PIB leien**, laut der **Europäesch Kommissioun bei +0,6%**, **2021** wäert en dann liicht eropgoen op **1%**, **2022** weider op **1,6%** klammen an **2023** esouguer bei **1,9%** leien.

Et gesäit een also **ganz däitlech**, dass Lëtzebuerg **säin OMT fir 2020** a fir d'Joren duerno wäert anhalen – **mat enger Marge de Sécurité !** - wat och konform zu den Ziler ass, déi d'Regierung am Koalitiounsaccord festgehalen huet.

Hei och rappeléieren ech nëmmen all ze gären der Oppositoun hir Aussoen, déi ons virgeheit hunn dass ons Zuelen **“net wäerten opgoen”**. **Deemools hutt dir iech geiert**, an hei erëm, **gesäit also erëm aus dass der iech wäert ieren**.

V. Conclusioun

All zesummen kënne mir ons also **félicitéieren fir déi gutt Resultater.**

D'Europäesch Commissioun seet an hirem Avis, dass den Budget 2020, esou wéi Lëtzebuerg en op Bréissel geschéckt huet, en **Ligne ass zu den Provisiounen vum Stabilitéitspakt.** Si **invitéiert dofir Lëtzebuerg de Budget 2020 och esou unzehuelen.**

“Das öffentliche Wohl ist oberstes Gesetz.” Esou sot schonn den Cicero an och den Helmut Schmidt.

Dëse Budget weist, dass dat och **der Regierung hiren Leitmotiv** ass.

Ech soen iech Merci.